


## HOWTO

# Fotograféiere mam Smartphone oder Tablet

Michel Speicher

Déi einfachste Method déi mir all hunn fir séier gutt Fotoen ze maache sinn eis Smartphonon. Weis du gutt Resultater erzielt weise ech der elo.

Mat deene meeschte Smartphone kann een extrem gutt an einfach Fotoe maache well d'Automatik ee meeschtens perfekten Job mëscht, dowéinst **Tipp #1: bléif am Automatik-Modus**. Et sollt een och net ze vill mat all deene Funktiounen spillen déi ee gebuede kritt, wéi z.B. Filteren an Effekter.



Meeschtens ass de Grund fir schlecht Fotoen dass se verwackelt oder kromm sinn. Dat léisst sech mat enger roueger Hand verhënneren. **Tipp #2: Fir ee riicht Bild ze kréien orientéiers de dech am beschten un enger Linn an dengem Bild, vun däers du weess dat se senkrecht ass, an alignéiers se da mam Rand vun dengem Bild.**

Verwackelt Fotoe kritt ee wann d'Beliichtungszäit ze laang ass. Konkret heescht dat, **Tipp #3: maach deng Opnamen dobaussen oder op soss enger heller Plaz**. Wann dat net geet an s du awer ee Motiv hues wat sech net beweegt kanns du einfach dofir suergen dat däin Handy sech net beweegt an sou d'Foto verwackelt.

**Tipp #4: Setz däin Handy anzwousch of fir d'Foto ze maachen**, benotz hefir zum Beispill een Dësch oder ee Stativ (oder eng aner riicht Fläch oder Halterung vun all aner Zort). Sou kanns du däi Bild och méi genau plangen an oppassen dat alles stemmt.

Oft huet een och de Probleem dat d'Biller ze hell oder ze donkel sinn, **Tipp #5: dréck dofir op dengem Screen eng Kéier op di wichtegst Plaz (klengt Sonnesymbol)**, déi gëtt da richtig beliicht. Wann dat net sollt klappen einfach sou oft widderhuelen an op aner Punkten drécke bis d'Bild richtig beliicht ass, ausserdeem gëtt sou automatesch schaarf gestallt



**Tipp #6:** schneit däi Motiv néierens of wou et wichteg fir d'Kompositioun vum Bild ass. Dat ass een zimmlech theoretische Punkt mee et ass aus dem selwechte Grund firwat ee bei engem Portrait net iergendwou knapp bei de Schëlleren, mee op der Broscht ofschneit.

Fir dass ee Bild professionell ausgesäit muss et „opgeraumt“ ausgesinn, dat heescht et solle keng Géigestänn am Bild sinn déi oflenken, also am beschte Fall just däi Motiv. Een eefaarwegen Hannergrond kann dozou bäidroen.

Zu gudder Lescht muss een sech d'Fro stellen ob een d'Fotoen am Héich- oder Queeschformat mécht: falls een déi Fotoe gären an ee Video integréiert mussen se onbedéngt am Queeschformat gemaach sinn. Apropos Format: et sollt ee fir Videoen d'Fotoen och am Säiteverhältnis 16:9 oder 4:3 maachen, jee no deem wéi de Recht vum Video opgeholl ass. Dat kanns du an denge Kameraastellungen änneren.